

# WANDROUS

N°371 Spiirkel / Lenzmout / Fréileng 2019

Februar / März / Abrëll



Kënnt **5 mol pro Joër raus**

Abonnement **25,00 Euro**

CCPL: **LU82 1111 0498 5493 0000**

Chefredakter: **MOYANO Guy (Crotale)**

> resp. **CheffenEkipp LBB**

Verantwortlech vir Drock an Verschécken: **LBB**



E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**



# Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?\*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!  
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!  
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!  
Paulinstrasse 25  
D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS  
kaafen beim  
VIKING-ADVENTURES!

\* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!  
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristroume op dem Joresëmsatz!



[www.viking-adventures.de](http://www.viking-adventures.de)

# Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, dreckech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffën do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuert hun, an elo sin nach ëmmer Cheffën do, di sech ëm Deng Kanner këmmere an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



**Dann zéck nët an géff elo direkt Member vun den  
“AMIS DES LIONS BLEUS”**

**? VIRWAAT ?**

D'*Amis des Lions Bleus* bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsam Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren se awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'*Amis des Lions Bleus* sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllefen: duerch en regelméissegen Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnit gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstез och DU ons, wann ech gelift,  
mat engem “ordre permanent”  
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros\*\* pro Mount  
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000  
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

\* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ennen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech frëen mir ons iwvert en émolegen oder regelméissegen Don!

\*\* Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtzt vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!

***Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!***

# FuesParty'19

fir Meute(LX)

## LÉIF WËLLEFCHER ! ÈT ASS ERËM ZÄIT !

FUESENT ASS ERËM GLÄICH DO AN ECH HOFFEN DASS DIR ALLEQUERTEN FIR D'FEIER VUM JOERHONNERT VIRBEREET SIDD! WELL DËS JOËR SOLL ÈT WIERKLECH AB GOËN... SOU MUNCHER LEIT HUNN FIR IECH E PUER FANTASTËSCH SPILLER VIRBEREET, E PUER LECKEREIEN ORGANISÉIERT AN OCH NATIERLECH FIR DEN DUUSCHT GESUERGT...WAAT DIERF DANN OP ESOU ENGER FEIER NËT FEELEN? RICHTEG MUSÉK...AN FIR DÉI ASS OCH GESUERGT. Also KOMM, KOMM op eis MEGA FUESPARTY !!!



MIR WÄERTEN EIS OP déng super duper Verkleeedung freeën, AN WIEN WEESS OP ÈT KEEN PRAISS fir déi BESCHTE GËTT ??? ...



**WÉINI:** 9/02/2019 UM 14h00 BEIM HOME  
**RETOUR:** DEEN SELWECHTEN DAAG UM 16h00 !!!  
**MATERIAL:** GUTT LAUN, MOTIVATIOUN AN NËT ZE VILL AM BAUCH..  
(ÈT WÄRT SCHON GENUCH Z'IESSEN GINN)

# TECHUANA 2019 TECHUANA\_wanter'19



**TECHUANA 2019**  
"Der Berg ruft"



**Départ:**

RV --> Freides den 15.Februar 2019 um 18:30 Auer am Home vun den Lions Bleus.



**fir déi Leit déi matginn...**

(Lio, Mylo, Patrick, Michel, Liana, Ketty, Harry, Charel, Oll, Tahr, Felix R., Grizzly, Maki, Tamia & ...???)

**D'Valise ass oofzeginn**  
Mëttwochs, den 13.02.2019 ab 19:15Auer  
**Skimaterial & klengen Rucksack**  
alles Mëttwochs oder Freides matbrëngen.

"Mir freen eis schon op dëch an op den Schnéi!  
**d'LBB Schnéihuesen"**



**P.S. Denkt un är Iwwerweisungen :)**

Déi genee Détailler fann der an der letzter Wandrous oder online --> entweder 380€, 575€  
Sinn bis spéidstens den 31.01.2019 op den BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000 - Les Lions Bleus asbl-Rover ze viréieren...



# GAME ROVER

23.02.19 ab 18:00

▪ HOME BISONS FUTES ▪ FRISANGE ▪

.....

UMELLUNGEN PRO GRUPP ▪ 6-8 Leit ▪ bis den 26.01.19

▪ [quiz@bisons.lu](mailto:quiz@bisons.lu) ▪ 15E/Person (Essen abegraff)

▪ LU22 111 1500 8526 0000 ▪

▪ Mentoun: Roverquiz "Numm vum Grupp" ▪

.....

# **SORTIE mam Bibu** fir d'Beaver(BV)



dorobber  
Frënn  
ëmmer kann  
hellëfsbereet  
Hien huet

Den Bibou freet sëch all Joër nees  
nei Gesichter an de Beaver ze gesinn an  
ze maachen. Och wann hien nët  
dobai sinn, ass hien erstaunt wi  
ons Kanner dach ëmmer sinn.

leider d'Gefill, dass hien sëch an séng Frënn  
nët richtig konnt viirstellen. Dowéinst lued hien iersch

**Rendez-Vous & Retour:**  
**Wèini & Wou:**

Samstes den 2. März 2019  
jeweils um 10h00 & um 16h00 ,  
beim Home Lions Bleus.

**Praiss:**

**10 EUR** ze iwwerweisen bis den 24.Februar 2019  
op de Compte : Les Lions Bleus-Beaver  
(BCEE LU91 0019 4955 9097 0000) mat der mentioun:  
BIBU Sortie + Numm vum Paricipant.

**Souche:**

oofzeginn bis den 24.Februar 2019.



**Material:**

klenge Rucksack mat Bidon, fest  
Schong, dem Wieder ugepasste  
Kleeder, LBB-Plover & LBB-T-Shirt,  
...

Ech ..... Mamm / Papp / Virmond  
mellen heimat main Kand ..... un fir d'BIBU  
Sortie den 2.3.2019 un, an iwwerweisen d'Suen am Délai.



# SORTIE an Staat

fir d'Meute(LX)

## Léif Wëllef,

Viru kuerzem ass eppes Aales nees opgetaucht, eppes waat Joerhonnerten laang verschollen wor. Nämlech eng Schatzkaart, an zwar vum Willibrord...

Genau, dir hutt richteg geliess !

De Grënner vu Lëtzebuerg huet eis ee Schatz hannerlooss.

Leider ass déi Schatzkaart esou verschlësselt, dat nëmmen déi schlausten de Code knacken kënnen. Mir hunn et schon versicht, mee leider sinn mer net wäit komm...Dofir froën mir Iech elo op dir bereet wäert eis ze hëllef an den 9. März mat eis zesummen an der Stadt nom Schatz sichen géift !?!



**Wèini:** Samstes, den 09.03.2019

**Rendez-Vous & Retour:** 13:00 & 17:00 bei der Gëlle Frau an der Stadt

**Präiss:** /

**Souche:** ass oofzeginn bis spéitstens den 16.02.2019 !!!

**Waat brauchs du:** Dem Wieder ungepassten Kleeder (mir sinn dobaussen), Biergschong, Bidon (gefëllt m.Waasser), 5 Saachen...



Ech erlaaben ech ..... Mamm/Papp/Virmond méngem Kand ..... den 9.3.2019 un der d'STAAT-Sortie vun den Lions Bleus deelzehuelen.

Datum & Ënnerschrëft: .....

# LBB Schaff-Weekend'19 fir jiddereen



UN ALL  
EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE,  
AMICALE, CP'en & FRËNN



D'Fënsteren si knaschteg, d'Hott fetteg, Mauren  
beschmiert, iwverall Spawecken, Luuchten déi nët méi  
fonctionnéiren, Plättercher déi lass sinn an ...



Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons um Schaff-Weekend vum  
**16.-17.März 2019** am Home vun den Lions Bleus. Den ganzen WE kascht  
nix/nada=0 €, awer e Kuch oder Taart > daat soll awer nët däin Schued  
sinn. Natiirlech gët nët nëmmen geschafft. NeeNee !!! Mir wärten all  
déi Lèit belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun de ganzen Weekend! Waat  
gët gemaach? Daat ass eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot ginn, dass  
Näischt vun Näischt kënnt :):):) Allerdéngs ass ëmmer eng Aarbëscht dobai déi  
dir perséinlech am beschten gefällt an déi's du och gudd kanns!  
Besser kanns du nët ewech kommen! An waat mer zu mèi sinn, waat besser!  
**Also mell dëch séier mat der Souche un  
oder schreiw e Mail op [cg@lionsbleus.lu](mailto:cg@lionsbleus.lu) !!!**

**WICHTEG INFOS:**

- Rendez-Vous:** SA\_16.März 19 um .....8 Auer MAT Kaffi  
.....9 Auer OUNI Kaffi
- Schluss:** SO\_17.März 19 um 16 Auer.
- Wou?** Natiirlech am Home.
- Waat brauchs du?** Schaffhännchen, nët déi neisten Kleeder &  
natiirlech gudd Laun an vill Motivatioun...



**dèng SOUCHE:**

Dës kanns du oofgin beim Atra oder engem Comitésmember  
oder du schécks eng Mail op [cg@lionsbleus.lu](mailto:cg@lionsbleus.lu)



Heimat mellen ech \_\_\_\_\_ mëch un fir de Schaff-Weekend am Home fir  
den 16.-17.März 2019 an kommen

um 8 mat Kaffi  
 um 9 ouni Kaffi  
(WEG ukraizen)

Ënnerschrëft: \_\_\_\_\_



# FNEL OrientéierungsLaaf fir d'Trupp(SG)



**D'Scoutsekip** invitéiert Iech häerzlech op den **ORIENTÉIERUNGS-WE** DËSEN FËNNT STATT AN DER MISLER GÉIGEND! DËST ASS EEN WEEKEND fir déi ganz Trupp, wou der är Kenntnisser an der ORIENTATIOUN & CO. op d'PROUF gestallt ginn...  
**MEE WOU DEN SPAASS UN ÉISCHTER STEL STEET.**



**Wéini:** DEN WEEKEND VUM 30 & 31 MÄRZ 2019  
**Wou:** AN DER MISLER GÉIGEND, RÉIMECH-MUNNEREF-FRÉISENG  
**RDV:** SAMSTES, DEN 30 MÄRZ 2019, TËSCHENT 08h30 AN 09h30  
**Schluss:** SONNDES, DEN 31 MÄRZ 2019, TËSCHENT 16h00 AN 17h00  
 >GENEE AUERZÄITEN GINN MER GEWUER SOUBAAL MER ALS TRUPP UGEMELT SINN !!!

**Präiss:** **25€** (Opgepasst: +5€ Participant fir all Umeldung **NOM DELAI** laut FNEL), SINN ZE IWWERWEISEN MAT DER MENTION: FNEL O-LAAF + NUMM VUM KAND op: (LES LIONS BLEUS - TROUPE > BCEE LU65 0019 4955 9100 5000)

**Umeldung & Iwwerweisung:** bis den 16.FEBRUAR 2019

**MATERIAL:** **Pick-nick fir Samschdes MËTTES**, RUCKSAK, CARRYMAT&SCHLOFSAK, DEM WIEDER UGEPASSTE KLEEDER, UNIFORM & FOULARD, GAMELLE/BESTECK/BECHER/ KICHENDUCH, KOMPASS, RÉIMER, ASW...



**HEIMAT MELLE** ECH ..... MAIN  
**KAND/SCOUT** ..... UN, FIR MAT OP DEN O-LAAF DEN 30.-31.MÄRZ 2019, DEEN VUN DER FNEL ORGANISÉIERT GËT MATZEGOËN AN IWWEWEIFEN MAT ZAIT.

**DATUM & ËNNERSCHRËFT:** .....



# SORTIE, 'Ëmwelt' fir d'Beaver (BV)

--- Emweltsortie ---

Hallo dir léif Beaver!

Ech sinn den Bibu, an är Cheffen hun mir gesoot sie hätten eppes ganz Interessantes mat Iech wëlles, an zwar eng Sortie op den Misärshaff !

Alles dréint sech do ëm d'Natur an d'Deieren !

Mir wärten do zesummen mat den Beaver vun den ,Wëll Sai' vun Steesel een flotten Daag verbréngen ! :)



**Wèini:** Samstes, den 30.03.2019  
**Rendez-vous:** um 9 Auer op der Gare centrale Luxembourg  
**Retour:** um 16 Auer um Misärshaff  
(>>>Ferme Misère, Centre de formation jeunes, L-8808 Arsdorf)

**Präiss:** /

**Souche:** ass oofzeginn bis spéitstens den 16.03.2019 !!!

**Waat brauchts du:** dem Wieder ungepassten Kleeder, dain Foulard, den LBB Pullover an tshirt, Biergschong/Stiwelen, evtl.eng Reenbox, klenge Rucksack mat PicNic fir Mëttes & Bidon(gefëllt), vill Freed an Motivation...



Heimat erlaaben ech .....  
mëngem Beaver .....  
mat den 30.März 2019 op d'Ëmwelt-Sortie op den Misärshaff ze goën.

Ënnerschrëft: .....

# OUSCHTER-Weekend fir d'Meute(LX)



Et wor emol eng Meute mat lauter Wëllef,  
 déi sinn op d'Sich gaangen no der Quell vun all de  
 Märecher... An wann s'ë net gestuerwen sinn, dann hun  
 sie daat och fonnt.

Hues du Loscht an eng aaner Welt anzetrieden ?  
 Eng Welt voller Magie, wou d'Rotkäppchen an de béisen  
 Wollef liewen, an d'Ritter Prinzessinen erobere ?

Da komm mat op eise flotten Ouschtercamp!



Rendez-vous:

Samstes den 6.Abrëll'19 op der Gare centrale Luxembourg  
 an dénger Verkleedung aus engem Märchen (Auerzäit kritt dir nach gesot)

Retour:

Sonndes den 7.Abrëll'19 (Auerzäit an d'Plaatz kritt dir nach gesot)

Präiss:



30 Euro, sinn ze iwwerweisen op den Compte vun: Les Lions Bleus-Meute  
 (BCEE - LU56 0019 4955 9099 1000) bis den 23.März 2019,  
 mat der Mentioun "Ouschtercamp LX + Numm vum Kand"

Souche:

oofzeginn bis den 9. März 2019.

Material:

Schloofsack, Carrymatt, Biergschong, dem Wieder ugepasste Kleeder,  
 Täscheluucht, dem Wëllefchen séng 5 Saachen, Gamelle&Kichenduch ...



Ech erlaaben ech.....menger  
 Wëllefchen.....um  
 Ouschtercamp vum 6.-7.Abrëll'19 deelzehuelen.



Datum & Ënnerschrëft: .....

# COUSCHTER-Camp

fir d'Trupp(SG)

## Léiw Scouten,

Op dësem Camp wäert s'ech  
Alles ëm d'Kachen dréie.

Dobäi wäert der léieren waat  
een Alles muss wëssen an op  
waat een oppassen muss, fir  
dass et an der Kichen gutt leeft.

Oder wéi eng Kachmethoden

een op den nächsten Campen kéint uwenden fir s'ech  
d'Liewen méi einfach ze maan. Dozou wäerten mer och  
nach vill gutt Gerichter kachen an iessen kënnen.

### Rendez-vous:

Samstes\_6.avril'19\_09:00 op der Gare Centrale Lëtzebuerg

### Retour:

Mèindes\_8.avril'19\_16:00 op der Gare Centrale Lëtzebuerg



### Präiss & Souche: 35€

(Les Lions Bleus - Troupe > BCEE LU65 0019 4955  
9100 5000) oofzeginn an ze iwwerweisen mat der  
Mention: Bocuse'19 + Numm vum Participant, bis  
spéitstens den 16.03.19

### Waat brauchs du:

dem Wieder ungepassten Kleeder, Bierschong,  
Bidon, Gamelle&Co, Schloofsaack, Carrymatt,  
Pyjama, Wäschaachen, evt. Schwammsaachen  
(wann d'Wieder gudd ass :))...

Heimat erlaaben ech .....mëngem  
Scout .....mat op den  
KACHCAMP ,Bocuse' vum 6.-8.Abrëll 2019 vun den Lions Bleus  
matzegoën.

Datum&Ënnerschrëft: .....



# OUSCHTER-Weekend fir d'Beaver(BV)




**Oh NEE ...  
... Et ass erëm geschitt ...**

**D'Prinzessin Peach ass schon nees eng kéier entfouert ginn vum béisen Bowser! Dës kéier kann den Mario d'Prinzessin awer nët alleng retten kommen...**

**Dowèinst brauch hien elo iech !!!**

**So eis also sou schnell wèi méigech bescheed, op's du dem Mario zur Hand gees fir him ze hëllefen d'Prinzessin ze retten befier et ze spéit ass !**



**Wéini?** 19. - 20. Abrëll 2019  
**Rendez-vous?** um 13:30 op der Gare Centrale Luxembourg  
**Retour?** um 16:00 beim Home Les Castors zu Schëtter (2, Place de l'Église, 5367 Schutterange)

**Präiss?** **25€**, sinn ze iwwerweisen bis den 30.März 2019 op den Konto Les Lions Bleus-Beaver (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000) mat der mention : OuschterWeekend & Numm vum Kand

**Souche?** oofzeginn bis den 23.März 2019.

**Waat brauch ech?** Foulard, Schloofsaack an Pijama, klenge Rucksack, Bidon mat Waasser, Täscheluucht, dem Wieder ungepassten Kleeder, Ersatzkleeder & Ënnerwäsch, Wäschaachen, Gamelle&Kichenduch, Nuesschnapfecher, . . .



**Heimadden erlaben ech ..... méngem Beaver**

**..... fir op dem Ouschterweekend vum 19-20.Abrëll 2019 matzegoën an iwwerweisen mat Zait.**

**Datum & Ënnerschrëft .....**



# Astérix & Obélix

entdecken déi 4 Elementer



## Sixplo 2019



Neien Datum: 4ten a 5te Mee 2019  
weider Infoen kommen no



# FNEL BeaverFunDay: fir Beaver(BV)

fnel     
scouts & guides

## BEAVER FUN DAY DEM BIBU SENG GEBUETSDAGSPARTY

Samschdes den  
**11. Mee 2019**  
vun 11 bis 16 Auer

Beim Home vun de  
Caper Piwitschen



RDV: Detailler kommen no...  
Retour: Detailler kommen no...

Preis: 10 Euro op den Beavercompte  
Les Lions Bleus - Beaver mat der Mentioun : Numm vum Kand + BFD  
(BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000)

Wats de braucht: klengen Rucksack mat engem Wasserbidon an Picknick fir  
Mëttes, dein Foulard, dem Wieder ugepasste Kleeder,...

Delais fir d'Umellung : 5. Abrell  
De Beaver ass reicht ugemellt wann d'Cheffen d'Souche kruten, an d'Suen  
iwerwisen sinn.

Heimat erlaaben ech ..... mengem Beaver

.....um Beaver Fun Day deehlzehuelen.

Ennerschrëft: .....

# Programm Beaver


BV - Programm

## Februar

02.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
09.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
16.+23.	keng Versammlung (Vakanz)	

## März

02.	SORTIE	
09.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
16.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
23.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
30.	SORTIE	



## April

06./13./20.	keng Versammlung (Vakanz)	
19.-20.	WEEKEND	
27.	BeaverVersammlung	14:00-16:00

## Mai

04.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
11.	FNEL BV Funday	
18.	BeaverVersammlung	14:00-17:00
25.	keng Versammlung (Vakanz)	

## Juni

01.	keng Versammlung (Vakanz)	
-----	---------------------------	--

...



**Beaverklack**

Spitzky, Hawky, Keeo, Inia, Quagga, Tic Tac

# Programm Wëllef

LX - Programm

## FEBRUAR

02.	FUES-PARTY	14:00-16:00
09.	Versammlung	14:00-16:00
16.+23.	keng Versammlung (Vakanz)	

## MÄRZ

02.	Versammlung	14:00-16:00
09.	SORTIE	
16.	Versammlung	14:00-16:00
23.	Versammlung	14:00-16:00
30.	Versammlung	14:00-16:00

## ABRËLL


06./13./20.	keng Versammlung (Vakanz)	
06.-07.	WEEKEND	
27.	Versammlung	14:00-16:00

## MEE

04.	FNEL Sixplo	
11.	Versammlung	14:00-16:00
18.	Versammlung	14:00-16:00
25.	keng Versammlung (Vakanz)	
25.-28.	PËNGSCHT-CAMP	

## JUNI

01.	keng Versammlung	14:00-16:00
...		



## Lènks Patt

Bagheera, Kaa, Baloo, Hathi, Tschill, Raschka...

# Programm Scouten

SG - Programm



## FEBRUAR

02.	Truppenversammlung	14:00-16:00
09.	Patrullenversammlung	14:00-16:00
16.+23.	keng Versammlung (Vakanz)	
15.-24.	TECHUANA'19 (ab 14 Joër!!!)	

## MÄRZ

02.	Patrullenversammlung	14:00-16:00
09.	Truppenversammlung	14:00-16:00
16.	Patrullenversammlung + LBB SchaffWeekend (16-17.03) fir Cp'en ...	14:00-16:00
23.	Truppenversammlung	14:00-16:00
30.-31.	FNEL SG Orientèirungs-Laaf	



## ABRÉLL

06./13./20.	keng Versammlung (Vakanz)	
06.-08.	OUSCHTER-CAMP	
27.	Patrullenversammlung	14:00-16:00

## MEE

04.	SORTIE	
11.	Patrullenversammlung + FormationsSortie (Tasha)	14:00-16:00
18.	Patrullenversammlung	14:00-16:00
25 .	keng Versammlungen (Vakanz)	
25.-28.	GRUPPEN-PËNGSCHTCAMP	



# Programm RovEx RovEx - Programm

D`RovEx Branche, eng Branche vir Explorer, Cheffen an Rover bidd eis d`Meiglechkeet, méi Aktivitéiten mat enger méi grousser Unzuel vu Leit ze maachen. All Member am Alter vun 16-26 Joër ass wëllkomm hei matzeschaffen an un all eisen Aktivitéiten deelzehuelen.



D`Ziel vun der Branche ass et, nei Frëndschaften ze schlëissen an bestehend Bekanntschaften ze festegen, mee och e Programm ze gestalten deem dem Alter entsprecht an de Scoutsgeecht baibehält an verdéiwt. Méi Informatiounen bei dengen RovEx Cheffen...

## FEBRUAR 2019:

- 2. RovEx Meeting
- 9. RovEx Meeting
- 16.+23. keen RovEx Meeting (Vakanz)
- 15.-24. TECHUANA
- 23. FNEL RO-Quiz zu Frëiséng bei den BF

## MÄRZ 2019:

- 2. RovEx Meeting
- 9. RovEx Meeting
- 16.-17. LBB SchaffWeekend
- 23. RovEx Meeting
- 30. RovEx Meeting

## ABRËLL 2019:

- 6./13./20. keen RovEx Meeting (Vakanz)
- 9.-13. OuschterCamp
- 27. RovEx Meeting

## MEE 2019:

- 4. RovEx Meeting
- 11. RovEx Meeting
- 18. FNEL EX-Raid
- 25.-28. GruppenPëngschtCamp

...More to come...

Lénks TAP,  
Aer RovEx Cheffen



# RAPPORT LBB SchaffDaag

Grupp



Wéi all kéiers, hunn mir eis Alleguerte moies fréi mat vill Motivatioun an eisem Home getraff, fir un d'Aarbëscht ze goën. Fir dat mir nèt vun dee Been faalen, hunn ma als èischt emol Kaffi gedronk. Nodeems mir eis gestärkt haaten, hunn mir eis d'Aarbëscht opgedeelt. Wéi all kéiers um Schaff-Weekend, missten déi üblech Saachen gemach ginn (Entretien eben...). Mir hunn den Sanitäre grëndlech gebotzt, d'Spawecke fortgehall, alles gestépst an oofgemach, eisen Garage

Dës Joër haaten mir och e spezielle Projet viirgesinn:

Eisen Dortoir gouf fonkelnei ugestrach, an d'Resultat kann sèch weisen loosse! Waat fir eng Faarw denk dir lech elo fléit? > Ma natierlech Blo & Wäiss! No der gemachten Aarbëscht, hunn mir eis selwer eng kaal Erfrëschung als Belounung gegënnt a sinn zefridden Heem gaang.

**MERCI** och nach emol un Jiddereen fir sèng Ënnerstëtzung >>> egal an wèi enger Form <<<, well ouni dës kënnen mer eisen Home nèt am gudden an virun allem am propperen Zoustand haalen, wèi daat soll sinn... **BAGHEERA**

# RAPPORT SchlittschongSortie

Meute

Schlittschuhtag

Wir haben uns Samstagmorgen am 24 November, zusammen mit den Mamer Wiselen, an der Schranke bei der Kockelscheuer getroffen. Wir sind alle zusammen zur Kasse gegangen und jeder bekam seine Schlittschuhe. Dann sind wir in die Umkleidekabine gegangen und haben unsere normalen Schuhe aus- und die Schlittschuhe angezogen. Endlich konnten wir auf die Eis Piste. Dort haben wir Fangen gespielt, haben Wettrennen gemacht und sind das eine oder andere Mal auf unsere Hintern geplumpst ?? Nachdem uns kalt genug geworden ist sind wir zurück in die Kabine gegangen und haben uns wieder umgezogen. sind unsere Eltern uns abholen gekommen.



# IMPRESSIONEN Jota-Joti Trupp/Explorer



# RAPPORT Kleeschen Grupp

Mir hun eis em 18:00 Auer beim Home LBB versammelt fir den Kleeschen an Emfgang ze huelen. Den Problem wor awer leider deen, dass den Kleeschen teschnëch Problemer haat an dowëngst leider nët den Wee vun alleng fonnt huet....

Sou hun eis Beaver, Wellëf an Scouten zesummen geschafft fir den Wee mat Hellëf vun Faackelen ze erhellen. Elo stoung dem Kleeschen naischt méi am Wee.

Nodeems mir eis all am grouse Saal installëiert haaten an puer Lidder gesongen haaten, ass den Kleeschen dunn och komm an huet sëch bei eis all fir den klengen Faux-pas entschëllegt. Dunn huet den Kleeschen sèng Notizen erfiirgezunn an fiirgeliess die gewisen hunn op d'Kanner brav woren am Joër oder nët. Dann kruuten déi eenzel Branchen jeweils hieren Kado an hun dem Kleeschen a Form vun Sketcher, Lidder...etc. eng Freed gemaach. Zum Schluss hun mer dem Kleeschen nach all zesummen een Lidd gesongen an hien huet sëch dun op den Wee gemaach bei dèi aaner brav & mannerbrav Kanner. Bei eis kruut du jiddereen nach leckeren Boxemännchen an Schokki. Zum gudden Oofschloss sinn d'Kanner




# RAPPORT SchlittschongSortie Beaver



# RAPPORT LBB SchaffDaag Grupp

E Mëttwoch den 3. Januar 2018 huet di ganz Scoutsbranche sech op der Gare centrale getraff fir dann all zesummen bei d'Home vun den Lions Bleus ze trëppelen. Ufangs wossten mer net wou mer werten higoen. Schlussendlech awer an eist Home. Ee mol do ukomm, hunn mir eis all am Dortoir installéiert. Fir dass et eis awer net ze kal gëtt si mir mol raus Holz hacken gaangen fir eis e gemittlecht Feier ze maachen. De Charel, eise Chef huet eis gewissen wéi een dëst richtig mecht. Kuerz drop hunn mer d'Feier dann am Kamäin och un gemaach. Währenddems hunn mir eis dann an zwee Teams gedeelt fir eent géint dat anert unzetrieden an Challenges ze maachen. Dorënner waren dann Quizfroen, e Sodoku an Schnelllegkeetsfroen. Sou lues war et dann och schon Zäit d'essen virzubereeden. Do huet dann och jiddereen eng Hand mat ugepak. Sou war den Goulash mat Gromperen dann och zimmlech schnell virbereed. Owes hu mir dann all zesummen e Film gekuckt. Moies ass et kengem besonneg schweier gefall opzestoen. Nom Moiesiessen hu mir dann den Grill fir mëttes preparéiert andeems mir Holz fir d'Feierplaz bausen gehackt hunn. Mëttes gouf et dann Thüringer

ESCAPE



# RAPPORT KrëschtCamp

Meute



De 4. Januar um 14h hun sech eng ganzer 17 Wëllefcher op der Gare de Luxembourg getraff fir mam Zuch op Déifferdeng bis an den Home fueren. Dëse Camp sollt kee Camp wéi di aaner sinn, mee mam Thema "Wolkig mit Aussicht auf Fleischbällchen" Ët wor schon ugesoot dat d'Kanner aktiv um Camp géifen deelhuefen an zwar beim Kachen an eng ganz rei un Experimenten selwer maachen wäerten. Kuerz no der Arrivéé am Home, hunn mir dann direkt mat e puer Spiller am Thema Wëssenschaften ugefaangen, dunn goufen d'Wëllefcher an Sizainen agedeelt fir verschidden Aktivitéiten am Thema Kachen an Wëssenschaften ze maachen. Deen Owend gouf et dann Haschis Parmentier déi eng Sizaine fir déi aaner virbereet haaten. No dësem leckeren éischten lessen hunn d'Wëllefcher sech erëm waarm ugedoen

manner ewéi 15 Minutten hunn déi meescht schonn fest geschloof. Den nächsten Moien sinn mir all frei opgestaanen, an nom Frühsport gouf et och nierft den traditionellen Schmieren, Schocki an Théi. Duerno ass et mat enger ganz neier Aktivitéit lassgaangen eng "Challenge 50" d'Wëllefcher haaten ongeféier 2 Stonnen Zäit fir sech selwer ze organisieren an eng ganz 50 Aufgaben ze maachen, vun eng Bréck mat Spaghetti ze bauen bis sech 30 Trëtzen op enger kéier maachen ze loosse, dëst huet den Kanner méi wéi am Beschten gefall. Et wor dann erëm Zäit ze kachen, an zwar eng gudd Wanterzopp mat Paangecher. Mir missten zimlech schnell iessen fir nach rechtzäiteg fortzegoen. Mir hunn eis dann op de Wee gemacht fir an den neien Science-Center ze goen. Do



giess hunn, an dann och mat heem huelen. Zeréck am Home goufen d'Posten nach eng kéier gemacht an di drëtt Sizaine huet Geschnëtzelt mat Spätzelen viirbereed. Nom lessen hunn d'Wëllefcher de Pyjama ugedoen an goufen an de groussen Sall geruff fir sech de Film "Wolkig mit Aussicht auf Fleischbällchen" unzekucken. Dobäi kruuten d'Kanner och nach Popcorn. De Film huet hinnen gudd gefall an se sinn dann schloofen gaangen. De lëschten Daag ass och nees frei ugaangen, an nom Frühstück goufen dann den Rucksak gepaack an Dortoiren deels gebotzt. D'Posten sinn eng lescht kéier

souwäit, de Camp wor eriwwer. No enger Chaine des adieux sinn d'Kanner dann all zimlech houfreg awer och gudd midd heemgaangen. **BALOO**



**WOLKIG  
MIT  
AUSSICHT AUF  
FLEISCHBÄLLCHEN**



# Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News



## LIONS BLEUS - nei Web-Säit

JO genee!

Gèi och du stöberen op [www.lionsbleus.lu](http://www.lionsbleus.lu), an fann do Infos iwwer Aktivitéiten, Photos vum PowWow / SummerCamp / GruppenVersammlung / Montée, Location chalet, LBB & FNEL-Shop & nach villes mèi....

## POSTKAARTEN fir LBB

Fiirs du demnächst an Vakanz... an wëlls den Lions Bleus gär eng flott Postkaart schëcken?

Dann zèck nët laang an schëck së op:

Les Lions Bleus  
BP 23 L-5801 Hesperange

Mir gëifen eis jidderfalls freen an an der nächster Wandrous publizéieren.

## Starterpack T-SHIRT & HOODIE

fir nëmmen 30 EURO

(All Member kritt dëst emol fir 30 EUR, amplaz vun 40 EUR dèi zwee zesummen)

Aaner Saachen kommen zu engem spëderen Zäitpunkt no...informéier dëch um site oder bei



**Lions Bleus Shop** (15:45-16:15)

nächst Datumer:

02/03/2019, 18/05/2019, 15/06/2019, ...

# WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News



FNEL SCOUTS-SHOP

**Nouv.Adresse:**

61A, rue de Trèves  
L-2630 Cents  
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

**17:00 - 19:00**

Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanz!!!

## ALLGEMENG Datumer:

02-03/02/2019	Bosses et Bobos	16-17/03/2019	SchaffWeekend MH
09-10/02/2019	CH CityTrip op Heidelberg/Speyer	23-24/03/2019	25 Joër MH (Misärshaff)
14/02/2019	Réunion semestrielle	30-31/03/2019	SG Orientéierungslaaf
16-24/02/2019	FuesVakanz :)	06-22/04/2019	OuschterVakanz :)
23/02/2019	RO Quiz (orangisé par BF)	06-09/04/2019	EX Brevet
27/02/2019	CoGro	13-16/04/2019	CP FormationsCamp
02-03/03/2019	SG/EX FormationsWeekend	20/04/2019	FC Activitée temporaire en hauteur
09-10/03/2019	Bosses et Bobos	26-28/04/2019	Masterclass



# et schéngt

et schéngt

- 01) dat mer dës Joër leider keen ViizWeekend organiséiert haaten, mee nees um JotaJoti deelgeholl hun.
- 02) wèi wann eisen Package LBB ganz gudd ukoum bei den Kanner an ëmmer mèi Blo'es SA optaucht :
- 03) dat een vun eisen BV-Cheffen sèng Etuden oofgeschloss huet an deen nächsten Step mëcht.
- 04) wèi wann mer no laangem hin & hier endlech eisen neien High-Tech-Tiefkühler geliwwert kruuten.
- 05) dat eng ancienne SG Cheffin an aktiv Comité-Member no laaangen 9 Mèint een lèift Meedchen kruut.
- 06) wèi wann Beaver och dës Joer nees hier traditionell SchlittSchongSortie Ugangs vum Scoutsjoër haaten.
- 07) dat mer dës Joër am November nees en SchaffWeekend haaten, dësen awer op 1 Daag gekiert gouf.
- 08) wèi wann mer op dësem Daag eis e Projet gesaat haaten, an zwar eisen Dortoir nei unzestraichen.
- 09) wèi wann een fir Zopp waarm ze maachen eng sp.Formation krèien muss oder Uni gemaach muss hun.
- 10) wèi wann de Kleeschen ët nèt sou einfach haat Ugangs Dezember eisen home ze fannen mat der Meteo.
- 11) dat d'Wanter-Edition vum Roverweekend ugangs Dezember an de Süden op Pèitèng gaangen wor.
- 12) wèi wann eis BV ganz tapfer woren um KrëschtCamp opwuel sè nèt gewinnt sinn sou laang fort ze sinn.
- 13) dat eis Wëllefcher nom KrëschtKachCamp an no der Visite am Scienc Center kleng Paul Bocuse sinn.
- 14) dat ët um EX Krëschtcamp nèt sou einfach wor den Tatort ze fannen (Sie haaten een kl.Ëmwee gemeet)
- 15) wèi wann eis nei Location fir Assemblée générale gudd ukomm wier bei de Member&Frënn vun den LBB.
- 16) dat Kanner richtig motivéiert & flaisseg woren fir ze kachen an all Fanger op hierer Plaatz bliwwen sinn.
- 17) wèi wann d'FNEL no 2 Joër Paus all d'Cheffen härzlëch invitéiert mat op den CH-City Trip ze goën.
- 18) dat den FNEL RoverQuiz an der FuesVakanz vun den Bisons Futés vun Frëisèng organiséiert gët.
- 19) dat an Ober-Éisterraich jo Ufank dës Joërs den Ausnahmezustand ausgeruff ginn ass wèint dem Schnèi.
- 20) dat den SummerCamp den Sail elo schon een halleft Joër hier ass an mir eis schons All vermessen.
- 21) ...

# et schéngt nèt nëmmen

et schéngt nèt nëmmen

- 01) wèi wann daat nee richtig flott & interessant wor zesummen mat den Mamer Wiselen & Piwitschen.
- 02) dat daat nach nèt den Enn soll sinn, ët sinn nach ëmmer Saachen do an Aaneres kënnt demnächst no.
- 03) wèi wann eist Inia hei zu Lëtzebuerg eng fest Plaatz als Kiné fonnt huet, an mir wënschen vill Spaass...
- 04) dat dësen och ‚Gott sei dank, mussen mer soën‘ impekabel funktionéiert an lo vollgetesselt kann ginn.
- 05) wèi daat klengt Zora Enn dës Joër op Welt koum & mir him a sènger klenger Famill all Gudds wënschen.
- 06) dat Sie sou och zesummen mat den Mamer Wisel Beaver vill Spaass op der Kockelscheier haaten.
- 07) wèi wann daat nèt vill ausgemaach haat well wirklech vill ManPower do wor an gudd geschafft gouf.
- 08) dat dësen esou eppes vun gepimpt ginn ass an och lo nees 1A ausgesait fir dèi nächst Locationen :
- 09) dat eisen Bagheera d'Flaam wollt kleng maan (15Min) awer ëmmer um falschen Knapp gedreint huet.
- 10) dat hien sèch nèt un de Stären orientéiere konnt an sou Kanner him den Wee mat Faackelen belicht hun
- 11) wèi dësen gelongen wor, den Grand-crue zesummenkoum mat engem Specialguest, dem Choucas.
- 12) dat ët nèt ze vermeiden wor deen een/aaner Telefon heem ze maan (Heemwèi) fir Kanner ze berouegen.
- 13) wèi wann Sie lo locker an den nächste Joren fir AG'en&Léiwefester d'Relève kënnen huelen vun de Chef.
- 14) wèi wann Sie den Fall awer schlussendlech all zesummen konnten lësen owes bei engem KrimiDinner.
- 15) dat vill Lët de Wee fonnt haaten op den Cents an do dono kulinarësch verwinnt ginn sinn vun de Kanner.
- 16) wèi wann Sie sou motivéiert woren dat Massen gekacht goufen fir 2 AG'en, mee dofir hun mer jo een TK.
- 17) dat och puer Stèck vun eis mat dobai sinn an dësen an d'Richtung Speyer/Heidelberg (D) goën wärt.
- 18) wèi wann Lions Bleus hai och vertrauden sinn mat enger Ekipp fir eis blo Faarwen ze vertrieeden.
- 19) wèi wann Techuana (eis FuesWanterCampAdress) vun deenen Schnéimasser verschount bliwwen ass.
- 20) wèi wann mir dofir am Staff entscheed hun Enn vum Scoutsjoër eng AfterSailSortie ze maan.
- 21) ...

# les amis des Lions Bleus

amis LBB

M.Schintgen Claude, Goebbels Joanne, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, Mchale Evelyne/Drennan, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Fam.Klein-Schmit, Anonyme, MM Majerus Patrick, MME Federmeier Berthe, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Thibo Charles, Famille Reiners, Fam.Zimer, Fam.Engel, M.Minn Claude, Fam.Theisen/Jhang Katia, ...

# 3 Mèintprogramm

# 3 Mèintprogramm

februar'19	
Fr	1
Sa	2
So	3
Me	4
Dë	5
Më	6
Do	7
Fr	8
Sa	9
So	10
Me	11
Dë	12
Më	13
Do	14
Fr	15
Sa	16
So	17
Me	18
Dë	19
Më	20
Do	21
Fr	22
Sa	23
So	24
Me	25
Dë	26
Më	27
Do	28

mars'19	
Fr	1
Sa	2
So	3
Me	4
Dë	5
Më	6
Do	7
Fr	8
Sa	9
So	10
Me	11
Dë	12
Më	13
Do	14
Fr	15
Sa	16
So	17
Me	18
Dë	19
Më	20
Do	21
Fr	22
Sa	23
So	24
Me	25
Dë	26
Më	27
Do	28
Fr	29
Sa	30
So	31

abrëll'19	
Me	1
Dë	2
Më	3
Do	4
Fr	5
Sa	6
So	7
Me	8
Dë	9
Më	10
Do	11
Fr	12
Sa	13
So	14
Me	15
Dë	16
Më	17
Do	18
Fr	19
Sa	20
So	21
Me	22
Dë	23
Më	24
Do	25
Fr	26
Sa	27
So	28
Me	29
Dë	30

# Allerläscht Wandroun - Säit

[www.lionsbleus.lu](http://www.lionsbleus.lu)



fne!   
scouts & guides



... HALLO HALLO ...  
ass do een ON AIR um JOTA-JOTTI  
zu MAMER bei den Lions Bleus,  
Caper Pivitschen & Mamer  
Wiselen :)?



\* THAT'S ALL FOLKS